ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 22/12/2023

Rapport vun der Kommissioun Relations publiques

Presenzen

Present	Net present
Assa Luc / Bisenius Jean-Claude (Online) / Bozic Anton / Braun Daniel / Jans Nancy / Kohl Joshua (online) / Lucas Patrick / Pinto Toni / Weis- Collé Suzanne	Kaur Narveen (Entschëllegt) / Baus Ben (Entschëllegt)

Punkt 1: Iwwerschaffe vum ROI

- Allgemeng Bemierkungen
    - D`Kommissioun géing sech eng nach méi däitlech Struktur wënschen
        - Hei wier zum Beispill eng deels nei Zesummesetzung vun den eenzelen Punkten eng Méiglechkeet
            - Beispill: D'Ausbezuele vu Jeton's gëtt ëmmer nees ënnert ënnerschiddleche Paragraphen opgegraff. D'Kommissioun schwätzt sech hei beispillsweis dofir aus, all dës Punkten eenheetlech ënnert dem Punkt „I.Jetons de présence" opzelëschten.
    - D`Kommissioun schwätzt sech fir nach méi kloer Consignen a Bekenntnisser zu senger Aarbecht aus
        - Et well een aktiv zur Gestaltung vun der Gemeng bäidroen, a secherstellen dass de Gemengen- a Schäfferot Proposen vun der Kommissioun uerdentlech a séier kritt, an des Proposen op een oppent Ouer treffen
        - Dofir sollten am ROI och de suivi vun de Proposen définéiert sinn
            - Diskutéiert Proposen wéi een dat eventuell kéint emsetzen
                - All Kommissioun désignéiert 1-2 Representanten, déi reegelméisseg dem Schäffen- an/oder dem Gemengerot déi zesummen eraarbecht Inhalter presentéiert an iwwert eng méiglech Implementatioun dikutéieren
                - Kloer Rolleverdeelung: Den Aktivitéitsberäich vun der Kommissioun baséiert sech drop, Iddien ze entwéckelen an auszeschaffen, wärend d´Gemeng an

Helperknapp, 22/12/2023

deem Fall den Optrag hätt, déi Iddien konkret intern oder extern a Form setzen ze loossen

- D`Kommissioun géing den ROI deelweis nach méi konkret formuléieren
  - Beispill: Wéi a wéini ginn d`Jetonen ausbezuelt? Wat genau ass eng Präsenz?

- Detailléiert Versioun -> Unhang

Punkt 2: Festleeë vum Aktivitéitsberäich

- D´Kommissioun definéiert hieren Aktivitéitsberäich folgendermoossen:
  - Konzentratioun op d`App an den Internetsite
- Analyse vum Internetsite
  - D´Kommissioun ënnerstetzt grondsätzlech den Internetsite a seng Aufgaben, fir d'Bierger vun der Gemeng ze informéieren an um neiste Stand ze haalen
  - D´Kommissioun huet sech dofir ausgeschwat, eng méi déifgräifend Analys vum Internetsite ze maachen, wann ee bis genau wees a wéi wäit hieren Avis hei ka goen
    - An deem Sënn huet d´Kommissioun och schon eng Demande un de Schäfferot geriicht
  - D´Kommissioun gesäit deelweis nach Spillraum fir de Site nach méi iwwersiichtlech ze gestalten
    - E puer Usätz goufen hei festgehaal
      - Net alles a Majuscule schreiwen
      - Manner Text, a falls et noutwänneg ass, d`Kolonne méi grouss gestalten
      - Eventuell Fotoe vun de Mataarbechter vun der Gemeng fir méi Visibilitéit online stellen
- D´Kommissioun constatéiert, dass den Aktivitéitsberäich net kloer genuch definéiert ass
  - D´Kommissioun well an deem Sënn de Schäfferot froen
    - Ënnert wéi enger Form de Schäfferot gedenkt d`Avisen vun de verschiddene Kommissiounen ze verschaffen, fir dass déi sech kennen upassen, wat Matdeelungen vun den eragereechten Inhalter betrëfft
    - Wéi déifgräifend Proposen vun de Kommissioune solle sinn

Punkt 3: Ajournement vum 3.Punkt vum Rapport vum 23.10.2023

- D´Kommissioun huet aus zäitleche Grënn decidéiert, de Punkt iwwert méiglech Sujeten déi an hirem Aufgabeberäich leien op déi nächst Versammlung verluecht

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 22/12/2023

Punkt 4: Festleeë vun der nächster Versammlung an Inhalt

Méindes den **19. Februar 2024** um **18:30** am **Sëtzungssall** an der Gemeng.